Gemeng Fiels

un d'Awunner vun der rue Osterbour

# ËFFENTLECH MATDEELUNG

D'Gemeng Fiels deelt den Awunner vun der Rue Osterbour mat, datt am Kader vun den Uschlossaarbechten am Zesummenhang mam Bau vun engem Haus um 37, Chemin J. A. Zinnen, Uschlossaarbechten un d'Drénkwaassernetz an un d'Stroumnetz (CREOS) op der Héicht vum Paschtoueschgaart duerchgefouert ginn.

Fir d'Sécherheet an d'Kommoditéit vun de Verkéiersbenotzer, de Foussgänger an de Residenten ze garantéieren, ginn déi follgend temporär Mesuren agefouert.

Vum 21. September 2026 bis de 25. September 2026, vun 08:00 bis 17:00 Auer, respektiv bis zum Ofschloss vun den Aarbechten:

- d'Rue Osterbour gëtt gespaart (C2a) op der Héicht vum Paschtoueschgaart bis bei d'Kräizung an de Chemin J. A. Zinnen;
- den Zougang zu der Rue Osterbour an d'Ausfaart aus der Strooss erfollegen iwwer d'Rue de Medernach, op der Héicht vum Kierfecht;
- de "sens-unique" gëtt temporär op der ganzer Längt vun der Rue Osterbour opgehuewen;
- d'Foussgänger a Vëlosfuerer (PC5) ginn iwwer d'N14 (Rue de Medernach) ëmgeleet, entspriechend der Beschëlderung, déi op den zwou Barrièren opgestallt gëtt.

D'Residentë ginn opgefuerdert, sech entspriechend ze organiséieren an d'temporär Beschëlderung souwéi d'Uweisungen op der Plaz strikt ze respektéieren.

Dës Moossname ginn am Interessi vun der Sécherheet vun de Stroossebenotzer an de Bierger geholl. D'Gemeng seet de Bewunner Merci fir hir Versteesdemech an Zesummenaarbecht wärend der Dauer vun den Aarbechten.

Fiels, den 11. September 2026
Fir de Fielser Schäfferot - Mirko Martellini - Buergermeeschter

www.larochette.lu

33, chemin J.A. Zinnen L-7626 Larochette Tél.: 83 70 38 Fax : 87 96 46 larochette@larochette.lu